



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Affaires étrangères  
et européennes

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le :

05 AVR. 2019

Luxembourg, le 5 avril 2019

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes  
à  
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe la réponse du Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n° 585 posée par l'honorable Député Monsieur Sven Clement.

Pour le Ministre des Affaires  
étrangères et européennes,



Gaston Stronck  
Secrétaire général

**Réponse de Monsieur le ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n°585 de l'honorable député M. Sven Clement sur l'accord entre le Consul général du Luxembourg à Shanghai et Sesame Credit**

---

Den MAEE bestätegt dass den Generalkonsulat zu Shanghai en Accord mat Sesame Credit huet.

De Generalkonsulat huet 32 Ufroen fir Visa entgéint geholl déi, nieft aneren Dokumenter, en finanziellen Rapport vun Sesame Credit enthalten hunn.

De Generalkonsulat zu Shanghai huet säit dem 10 Mäerz 2017 en Accord mat Sesame Credit. Eng Erweiterung op aner Länner an/oder Entreprises ass net virgesinn.

De Kontrakt mat der chinesescher Entreprise «Ant Financial» deem vum Generalkonsulat zu Shanghai ënnerschriwwen gouf, erlaabt et een Element vun de Konditiounen, déi een Demandeur vir e Visa muss erfëllen, ze vereinfachen. D'Schengen Zesummenaarbecht schreift fir dass l'ëtzebuurger Autoritéiten Bankauszich verlaangen mussen fir d'finanziell Situatioun vum Demandeur zu iwwerpréiwen. Et sief dobäi ënnerstrach, dass eng Persoun, déi eng Demande mécht eng Rei vu Konditiounen muss erfëllen fir ee Visa kënnen ze kréien, déi konform mussen sinn mat de festgeluechten Regeln fir e sougenannten « Schengen Visa ». Vill Chinesen hunn keen Bankkonto deem dat kéint nowisen, mee gebrauchen amplaz en Internet Service („Internet Finance“). Déi Daten vun Ant Financial, déi sech nëmmen op d'finanziell Situatioun vum Demandeur begrenzen, ginn direkt un de Generalkonsulat wat de Problem vun gefälschten Dokumenter, deem an China ganz heefeg ass, stark reduzéiert. Och aaner Drettlänner benotzen aus deem Grond den Service vun Ant Financial.

Ant Financial gëtt vum staatlechen Régulateur vum chineseschen Finanzsektor iwwerpréift an huet dofir déi selwecht Gläiwierdegkeet wei all aner Finanzinstitut. Et ass eng Gläichbehandlung vun engem digitalen Kont par rapport zu engem klasseschen Bankkont an ënnerläit der selwechter Supervisioun a Kontroll.

De Ranking gëtt net als Beweis fir d'Solvabilitéit vun enger Persoun a Betruecht geholl. D'Informatioun iwwer d'finanziell Situatioun vum Demandeur ass virgeschriwwen am Code Visa. Fir China ass d'Lescht vun den Dokumenter déi fir eng Demande néideg sinn festgeluecht an der Decisioun vun der Europäescher Kommissioun vum 4. August 2011.